N°983
Entrée le 10.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.07.2024
Chambre des Députés

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2024

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Bei den Diplomiwwerreechungen um Enn vum Schouljoer an de verschiddene Lycéeën ass et üblech, dass d'Direkteren eng Ried halen. An deem Kontext gouf eis vu verschiddene Plazen zougedroen, dass et Direktere ginn, déi dës Tribün benotzen, fir hir perséinlech politesch Usiichten ze propagéieren. Besonnesch am LTPES hunn Elteren a Schüler eis dëst Virgoe gemellt, wou d'Directrice géint "riets Politik" gehetzt huet.

D'Gesellschaft ass allerdéngs divers, an ënnert de Schüler, Elteren a Proffe ginn et souwuel Leit, déi politesch lénks wéi och politesch riets agestallt sinn.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Minister:

1) Ginn et vum Ministère aus Instruktiounen oder Virschléi, wéi dës Rieden inhaltlech formuléiert solle sinn?
2) A wéiwäit si Staatsbeamten, a besonnesch Direkteren, dozou ugehale sech un d'politesch Neutralitéit ze halen?
3) Wéi gedenkt den Här Minister op esou politesch Aussoe vu Staatsbeamten – sief et Aussoen, déi sech géint gréng, lénks, riets oder aner politesch Meenunge riichten oder sech fir oder géint d'Regierung ausschwätzen – an hirer Funktioun als Beamten ze reagéieren, wann hie Kenntnis dovu kritt?
4) Op dësen Diplomiwwerreechungen halen och Ministere Rieden. Sinn d'Ministeren hei och ugehale sech politesch neutral ze verhalen, oder ass et an den Ae vum Här Minister an der Rei, wa Ministeren dës Bühn benotzen, fir hir politesch Messagen ze propagéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten